# Wat fir e Referendum?

Vun de Leid ze verlaangen e Buch vu bal 500 Seiten ze lesen an sech dobaï ze notéieren wat se dora gudd fannen ueder schlecht, an dann dat engt geent dat anert op d'Wo ze leeën, dat ass jo total verréckt!

Wuefir net e puer (maximal eng Dosen) einfach a kloer Froe stellen, wéi z.B.:

- Si dir derfir/dergeent, datt an den Traité d'Grondrechter vun all Mënsch ageschriwe gin (Freiheet, Gleichheet, ...)?
- Si dir derfir/dergeent datt d'EU-Parlament méi Gewiicht kritt?
- ....datt eis Châmber (an déi vun den aneren EU-Länner) sech méi em déi europäesch Legislatioun këmmert?
- ....datt d'EU e President fir e puer Joer wielt?
- ....datt d'EU en eenzegen Ausseminister huet, deen am Numm vun der ganzer EU schwätzt?
- .....datt Entscheedungen an der EU op méi Gebidder vun enger Majoritéit gehuel gin an net eestëmmeg?
- ....datt d'Biirger vun der EU (bei enger bestëmmter Zuel) eng Petitioun un d'Kommissioun riichte können (déi sech dann och domat befaasse muss)?
- ....datt an der EU-Politik Ëmwelt- an sozial Problemer grad su wichteg sin wéi wirtschaftlecher?
- .....datt déi Problemer an der ganzer EU op déiselwecht Manéier behandelt gin?
- ....datt awer déi kulturell a sproochlech Verschiddenheet vun de Mêmberstaate respektéiert get?

Natiirlech hätt dest scho misse gemaach gin eer den Traité vum Konvent färdeg gestallt guf. Mä et ass nach net ze spéit fir Lëtzebuerg (a wuefir net och fir aner Länner?). Doriwwer eraus hätt dest dee Viirdeel datt een dobäi gif gewuer gin watfir Suergen an Ängschten iwert europäesch Problemer d'Leid am meeschte ploen!

**Tit Mannon**